N°7744
Entrée le 04.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn op d'parlamentaresch Fro no.7744, deposéiert den 10. Mäerz 2023 vum Honorabelen Deputéierten Här Sven Clement**

1. **Ass dem Minister een Tëschefall tëscht aserbaidschanesche Spezialunitéiten, Unitéiten aus Armenien a russesche Blohelmer de 5te Mäerz 2023 bekannt?**

Dem Ausseminister ass en déidlechen Tëschefall am Biergkarabach tëscht aserbaidschaneschen Zaldoten an engem armenesche Gefier bekannt.

2. **Wéi evaluéiert de Minister dësen Tëschefall? Dëst och en vue vun der Decisioun vum ICJ vum 22ten Februar 2023 zum Lachin Korridor?**

Den Ausseminister bleift weiderhin, wat d'Situatioun am Latschin-Korridor ugeet, opmierksam. Et ass wichteg dass den Aserbaidschan déi verbindlech Ordonnance vum Internationale Geriichtshaff ëmsetzt andeems en den ongestéierte Verkéier vu Mënschen, Gefierer a Gidder duerch de Latschin-Korridor sécherstellt.

3. **Wat ass d'Reaktioun vun der EU an der NATO? Dëst och en vue vum Waffestëllstand vum November 2020? Ass de Minister der Meenung, dass dës Reaktioun duer geet?**

D'EU ass weiderhin engagéiert fir den Dialog tëscht Armenien an dem Aserbaidschan ze fërderen a béid Säiten dobäi ze ënnerstëtzen een nohaltege Fridden ze erreechen. De 25. Mäerz 2023 huet de President vum Europäesche Conseil, Charles Michel, a senger Roll als neutrale Mediateur, sech fir d'lescht mam President vum Aserbaidschan a mam Premierminister vun Armenien ënnerhalen an dee Moment seng Besuergnis bezüglech der undauernder Krise beim Latschin-Korridor geäussert.

D'NATO spillt keng direkt Roll an de Verhandlungen fir eng Léisung vum Biergkarabach-Konflikt.

4. **Gëtt d'Decisioun vum 22ten Februar vum ICJ nach respektéiert an den Ae vum Minister? Wa nee, wat fir Konsequenzen erginn sech heiraus?**

D'Ordonnance vum Internationale Geriichtshaff ass eréischt vollstänneg ëmgesat wann den ongestéierte Verkéier vu Mënschen, Gefierer an Gidder duerch de Latschin-Korridor séchergestallt ass.

5. **Wéi steet Lëtzebuerg zur Demande vun Armenien, fir op internationalem Niveau weider net arméiert Experten an d'Regioun vum Lachin Korridor ze schécken, fir d'Situatioun hei z'iwwerpréiwen?**

E Kontingent vun der Russescher Federatioun ass am Biergkarabach a beim Latschin-Korridor stationéiert fir sécher ze stellen, dass de Waffestëllstand vun November 2020 vu béide Säite

respektéiert gëtt. Momentan ass um internationalen Niveau keng aner Missioun fir d'Situatioun am Latschin-Korridor z'iwwerpréiwe virgesinn.

6. **Wéi ënnerstëtzt Lëtzebuerg Armenien an dësen Zäiten a wéi eng weider Hëllefen si geplangt? Wéi eng Positioun huet de Minister hei a senger leschter Rees an Armenien geholl?**

Den Ausseminister ënnerstëtzt Armenien andeems hien sech perséinlech op Yerevan déplacéiert huet. Den Ausseminister huet an Armenien säin Appell un d'aserbaidschanesch Autoritéiten widderholl, d'Beweegungsfräiheet a béide Richtunge vum Latschin-Korridor ze erméiglechen.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'EU-Missioun an Armenien (EUMA) an bedeelegt sech aktiv dorunner duerch den Asaz vun engem Polizeikommissär.

7. **Wat fir weider Sanktiounen envisagéiert Lëtzebuerg op EU an NATO-Niveau virzebréngen, sollt Decisioun vum ICJ zum Lachin Korridor net respektéiert gi sinn a ginn?**

D'Roll vun der EU besteet am Moment doran, als neutralen an zouverlässege Vermëttler eng nohalteg Friddensléisung tëscht Armenien an Aserbaidschan hëllefen ze fannen. An deem Kontext ass d'Aféierung vun EU-Sanktiounen net virgesinn.

D'NATO hëlt keng Sanktiounen.

Lëtzebuerg, den 4 abrëll 2023

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn